ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 5. August 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

An hirer Pressekonferenz vum 30. Juli huet d'Madamm Gesondheetsministesch matgedeelt, datt all déi Persounen, déi zesummen an engem Pool getest ginn, a wou eng Persoun an deem Pool positiv ass, och d'office als positiv ugesi ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch:

1. Wéi ass am uewe genannte Kontext e Pool genee definéiert a gëtt et hei eng Mindest-, respektiv, Maximal-Unzuel u Persounen, no därer esou e Pool berechent gëtt?
2. Am Hibléck op déi Leit, déi d'office als positiv ugesi ginn, well eng Persoun am Pool positiv getest gouf: Ginn dës Persounen an der deeglecher Statistik als positiv opgelëscht oder ginn si eréischt no der jeeweileger Eenzelkonfirmatioun an d'Statistik opgeholl?
3. Am Fall wou déi genannte Persounen automatesch an der deeglecher Statistik als positiv opgelëscht ginn, wär dëst Virgoe jo mat engem zäitlechen Decalage verbonnen. Kann d'Madamm Ministerin an deem Kontext opschlësselen, a wéi engem zäitleche Kader d'Leit aus dem Pool an d'Statistik erafléissen?
4. Am Fall, wou eng Persoun eréischt no der jeeweileger Eenzelkonfirmatioun an der deeglecher Statistik als positiv opgelëscht gëtt: Kann d'Madamm Minister an deem Kontext opschlësselen, a wéi engem zäitleche Kader dës jeeweileg Persounen an d'Statistik erafléissen?
5. Firwat gëtt d'Zuel vun den tatsächlech positiv geteste Persounen net kloer an däitlech vun deene Fäll distinguéiert, wou just e potentielle Risiko besteet, datt dës positiv kéinte sinn?
6. Erkläert sech aus dësem Virgoen och d'Zuel vun de Persounen, déi a Quarantän sinn, am Fall, wou all déi Persounen, déi sech am Pool vun enger positiv getester Persoun befannen, isoléiert musse ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten